# Reformprojet vun der Lëtzebuerger Verfassung

**Iwwerleeunge vum Siggy Koenig a Serge Tonnar**

## 1. Eng Chance

Eng nei Verfassung vun der Verfassung ass eng Chance fir sech z'iwwerleeën wéi dat villsäitegt Vollek, dat zu Lëtzebuerg lieft, sech gesäit, wat seng Identitéit ausmécht a mat wéi enge Wäerter et wëllt an der Zukunft zesummeliewen, a seng Kanner grouss gi loossen. Et ass de Moment fir iwwer Grondleeëndes, en neie Gesellschaftsprojet oder Sozialpakt nozedenken an ze schwätzen. Den neie Virschlag ass awer just eng Adaptatioun vum Text vun 1868, platt, a weder mat Léift, nach mat Imaginatioun geschriwwen. E geet, wéi deemools, net iwwert eng Aschränkung vun der Muecht vum Monarch an eng Opzielung vun de biergerleche Rechter eraus. Et steet kee Saz dran, deen eis als Lëtzebuerger géif d'Häerz méi schnell schloe loossen, kee Saz, op dee mir houfreg kéinte sinn, kee Saz mat deem mir eis als Lëtzebuerger als eppes anescht fillen, wéi wa mir keng Lëtzebuerger wären. Och iwwert gemeinsam Wäerter déi et héich ze hale gëlt, geet kaum rieds. Dass de Staat zum Beispill, dofir do ass, déi fundamental Rechter vun de Leit déi am Land liewen ze verteidegen, ze garantéieren, dass jidderee mënschewierdeg ka liewen, dass mir a Sécherheet liewe kënnen an eis ënnerenaner verdroen, dass eis Ëmwelt erhale bleift an eis Kultur gefleegt.
An der Economie profitéiere mer jo scho méi laang dervunner, dass mir e klengt Land sinn, wou mer mat Flexibilitéit nei Methoden ausprobéieren, an Nischen entdecken an deene mir eng Virreiderroll an Europa spille kënnen. Firwat maache mer net dat selwecht um gesellschaftlechen a kulturelle Plang. Dat géif net nëmmen dem Land selwer, mee och sengem Image no baussen gutt doen.

### Grand-Duché oder just Luxembourg?

Wat si mir dann elo: "Le Grand-Duché de Luxembourg" oder "le Luxembourg"? Den Text nennt 6 mol deen een a 16 mol deen aneren. Hannert dësem Detail verstoppt sech déi grondleeënd Fro: Wëlle mer nach e Grand-Duché bleiwen oder net? Komm mir schwätzen driwwer.

### Kapitel 1: Awunner

Dat 1. Kapitel heescht "*De l'Etat, de son territoire et de ses habitants*" . Mat "les habitants" schéngen awer nëmmen d'Lëtzebuerger gemengt ze sinn. Mir hätten erwaart, dass op d'mannst eng Iwwerleeung zu där eenzegaarteger lëtzebuerger Situatioun gemaach gi wär, wou d'Halschecht vun den Awunner Auslänner sinn. Et gesäit esou aus wéi wann d'Auslänner, déi schonns zënter engem hallwe Jorhonnert e gudden Deel vun eiser Bevëlkerung ausmaachen, an eis Wirtschaft um Rullen halen an domat e konstitutiven Bestanddeel vun eisem Land sinn, net fir déi nei Verfassung existéieren. En Text deen d'Realitéit negéiert, verléiert en Deel vu senger Legitimatioun.

### Artikel 3 & 60: Natioun

Den Artikel 3 seet: "*La souveraineté réside dans la Nation dont émanent les pouvoirs de l'Etat".* An am Artikel 60 heescht et net méi wéi fréier, dass d'Chamber d'Land representéiert, mee elo d'Natioun. Mam Begrëff vun der Natioun aus der Zäit vun der franséischer Revolutioun si vill Kricher a vill Misär iwwert d'Leit komm. Musse mer elo, well mer keng Äntwert op d'Fro hunn, wat eist Land ass, esou e Begrëff aféieren, deen ipso facto d'Resultat vum läschte Referendum fir déi nächst Generatioune betonéiert an all Auslänner vu politescher Matbestëmmung ausschléisst?

Firwat kann net vum Vollek rieds sinn, wéi z.B. an der neier Genèver Constitutioun: *La souveraineté réside dans le peuple, qui l'exerce directement ou par voie d'élection. Tous les pouvoirs politiques et toutes les fonctions publiques ne sont qu'une délégation de sa suprême autorité.*

**Artikel 4: Sprooch**
Hei steet: *La langue du Luxembourg est le luxembourgeois. La loi règle l'emploi des langues luxembourgeoise, française et allemande.*

Dass d'Lëtzebuerger Sprooch an d'Verfassung stoe kënnt, domatt kann een averstane sinn. Dass et awer heescht, si wär "la langue du Luxembourg" schéngt eis net der Realitéit z'entspriechen, héchstens "la langue des Luxembourgeois". Soll d'Lëtzebuergescht symbolesch zur offizieller Sprooch erhuewe ginn? Da misst konsequenterweis direkt ugefaang ginn den Text vun der Verfassung op Lëtzebuergesch ze schreiwen.
D'Lëtzebuergescht däerf net eng Sprooch vun der Exklusioun ginn, ma eng vun der Inclusioun, si soll an Zukunft Brécke schloen, aplaz se néier ze brennen. An deem Sënn wär et unzeroden wa mir géife festhalen, dass de Staat d'Fleeg an d'Fërderung vun der lëtzebuerger Sprooch garantéiert, an dat an der Suerg vun der Integratioun.
D'Regelung vun den anere Sproochen an der Verwaltung, um Geriicht an an der Schoul misst dem Gesetz iwwerlooss ginn, et ass net néideg an der Verfassung festzeleeën em wéi eng Sproochen et sech handele soll.

**Kultur**
Dass mir e klengt Land sinn, ass net aus dem Text eraus ze spieren. Als solcht musse mer awer spezifesch Mesuren huelen wat d'Entwécklung vun eiser Kultur an Identitéit ugeet. Dat Wuert Kultur kënnt awer iwwerhaapt net vir. Firwat net aus dem pacte culturel zitéieren, deen all d'Parteien an der Chamber ënnerschriwwen hunn: "*La culture est un service et un bien public. Les pouvoirs publics sont comptables de sa situation et de son développement*."

**Artikel 114: Reliounen**
Et heescht de Staat wär ideologesch a reliéis neutral. A Wierklechkeet ass hie weder dat eent nach dat anert. Wann am Abschnitt duerno steet : "*des conventions à approuver par la Chambre des Députés peuvent préciser les relations entre l'Etat et les communautés religieuses reconnues.*", ass d'Neutralitéit de Reliounen géintiwwer, déi no onbekannte Critèren unerkannt ginn oder och net, schonns hifälleg. A kengem anere Beräich steet an der Verfassung eppes iwwert Konventiounen, firwat grad hei?
Hei ass keng kloer Linn dran, z.B. steet net do, dass kee gezwonge ka ginn, zum Finanzement vun engem Culte bäizedroen, an et ass schued, dass am Referendum verpasst ginn ass dem Vollek seng Meenung ze froen. De Staat soll laizistesch sinn, an dat och esou soen, natierlech am Respekt vun all Glawen an Ideologie, déi sech un eis fundamental Rechter a Flichten halen.

An deem Kontext muss och iwwert eng nei Hymne nogeduecht ginn, déi reliéis neutral ass an déi net vun eis heinidden an him do uewe schwätzt.

**Conseil d'Etat**
Wou de Conseil d'Etat seng Legitimitéit hirhëlt, steet och net an dëser Verfassung, en ass einfach do. Dass de Conseil d'Etat keng Emanatioun vum Vollek ass, an dass d'Memberen net gewielt ginn, ass en Zeeche vu Mësstrauen dem Vollek géintiwwer.

**Adoptioun**
Am Artikel 53 steet: "Seuls les enfants nés d'un mariage ont le droit de succéder".

Ass et op Gronn vu mëttelalterleche Virstellungen iwwert de jus sanguinis, dass de Grand-Duc net, wéi all aner Bierger, en adoptéiert Kand däerf als Nofolger hunn ?

**Politesch Verantwortung**

D'Politik muss sech méi a méi déifgräifend Gedanken iwwert eis Identitéit, eis Kultur, eist Zesummeliewen an eis Zukunft maachen, soss iwwerléisst se de Monopol vun dësen Diskussiounen populistesche Bewegungen, déi an deem Fall ganz séier vill Zoustëmmung fannen. Mir wielen eis politesch Verantwortlech net fir mam Stroum ze schwammen , mir wëllen, dass si hirer Verantwortung an hiren Idealen noginn, d'Steier an de Grapp huelen an, mat couragéierte Visiounen vun neiem Zesummeliewen, eist Land an d'Zukunft steieren.